PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 19/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

An deem vum 15te Februar 2021 vu *reporter.lu* veröffentlechten Artikel "Das System SuperDrecksKëscht" gëtt den Direkter vun der Ëmweltverwaltung mat de Wierder zitéiert, "der Staat habe juristisch nicht die Möglichkeit, sich eine Marke schützen zu lassen".

Zanter 2017 ass awer zum Beispill de Slogan "LUXEMBOURG - Let's make it happen" fir de Benelux-Raum geschützt.
Zanter Dezember 2020 leeft och eng Prozedur fir de "Let's make it happen" um Niveau vun der EU schützen ze loossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Marken huet de Staat – dat heescht d'Regierung, d'Ministèren, hier Verwaltungen an aner ëffentlech Institutioune – fir sech selwer schütze gelooss, sief et um Niveau Benelux, an der Europäescher Unioun oder driwwer eraus ?
2. Ëm wéi eng Marken handelt et sech?
3. Wat sinn d'Virdeeler an d'Interessen, wann de Staat sech eng Mark selwer schütze léisst?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député